


08. Juli 2023 / 67

Wäert Monitricen, Moniteuren,
Stellvertrieder, Assistenten, wäert Kolleegen a Frënn,




Schon nees ass Vakanz, wou och Jugendsektiounen e klengen Camp organiséieren. Hinnen vill Spaass gewënscht a dat kengem eppes hei passéiert. Och vill Sonn ouni Reen.




**5 Joer CGIDS :**

Den JFA seet fir al eis Jugendpompjeeën MERCI, well er war eng flott Aktioun a vill Jugendlech waren mat hiren Elteren un Fest.

Dëst gouf den 03.07.2023 um FB geschriwwen säitens Jugend-pompjeeën Ermsdorf:

«Geschte huet den CGDIS 5 JOER gefeiert.
Och eis Jugendpompjeeën waren bis op 2 Steck gudd vertrueden an hun sech mat der Famill beim Facepainting, Airbrushtattoo, Sprangschlässer, Iessen an Gedrenks, sou wei beim Concert vun den #sportfreundestiller amüseiert.
Merci dass mir inviteiert goufen an dir do waart!»

**Merci am Numm vum JFA!**

## Wëssenstester: Hei pur Daten fir an ären "Save the Date".

| Datum | Zone | Wou | Auerzäit |
|---|---|---|---|
| 11.11.2023 (moies) | OSTEN | Consdorf | 09.00 |
| 18.11.2023 (moies) | ZENTRUM | Lintgen | |
| 18.11.2023 (mëttes) | SUDEN | SaDiff | 14:30 |
| ? | NORDEN | | |
| | | | |
| 09.12.2023 | No-Test | Lintgen | |




An dëser E-Mail fannt Dir déi nei Newsletter vum CGDIS.
Heimat wëlle mir Iech mat de neisten Informatiounen an engem klengen Iwwerbléck iwwert d'Aktivitéiten vum CGDIS op dem neiste Stand halen.

*De Link zu der Newsletter:* https://gd.lu/c7VT9D

*De Link zu der Newsletter:* https://gd.lu/1Vnlcj




**INFO'EN säitens der DPV (Département des Pompiers volontaires)**

## De Wiessel vum Jugendpompjeeë an den operationelle Volet



Fir Weeër an Zäit vum Wiessel ze verkierzen kennen d'Jugendpompjeeën elo och un de Rekrutéierungsdeeg deelhuelen. Sou kënnen si de Sportstest, déi medezinesch Ënnersichung am STP, an d'Umoossen vun der Asazkleedung souwéi d'Aschreiwen fir hir Coursen (CIC, FIS 1 a SAP 1) an engem hallwen Dag ofzeschléissen. Dësen Dag kann och dovun profitéiert ginn fir nach weider Froen iwwer de Wiessel ze stellen.
D'Kleeder ginn an de jeeweilegen CIS geliwwert.

➔ **Opgepasst: Deelhuelen un der Journée de Recrutement réischt ab 15 Joer an 9 Méint**


## «Rekrutéierungsdeeg» 2023: -> Oppaassen hei hunn Datumer geännert!

Samschdes, 29. Juli (komplett)
Donneschdes, 31. August (komplett)
Donneschdes, 14. September
Samschdes, 30. September
Donneschdes, 26. Oktober
Samschdes, 02. Dezember
Donneschdes, 14. Dezember

D'Rekrutéierungsdeeg fannen ëmmer am Centre national d'Incendie et de Secours statt.

- **Umellen iwwer:**
  - **Mail: volontariat@cgdis.lu**
  - **Tel.: 49771-2332**

## Flott Aktiounen aus der Jugendaarbecht:



Nees hunn vill CIS'en mat hirer Jugend um Nationalen Feierdag deelgeholl.

Merci ☺

CIS Bertrange-Strassen



CIS Buurschent



CIS Elwen




CIS Ermsdorf



CIS Lintgen



CIS Reiden



**CIS Rambrouch**



Um Méindenowend war et erëm Zäit fir eng Übung vun den operationelle Pompjeeën.
Simuléiert gouf een Accident vun engem Motorradsfuerer, deen ënnert ee Camion gerutscht ass. Geschafft gouf souwuel mat engem Spineboard an enger Schaufeltrag, dëst fir de "Patient" ënnert dem Camion rauszehuelen. Duerno gouf de "Patient" an enger Vakuumsmatratz an de RTW gelueden an nom ABCDE-Schema versuergt.



**CIS Elwen & CIS Weiswampach**
Gemeinsam Übung op der “Wämper Kirmes”











Info aus dem Ausland, d.h. Saarland. Och si maachen sech Gedanken.

[Saarländische Jugendfeuerwehr e.V.](#)

Aktuell steht wieder die Zeit der Zeltlager und vielen Veranstaltungen in den Jugendfeuerwehren an!

Hierbei werden oftmals viele Fotos gemacht, welche im Nachhinein zu Zwecken der Öffentlichkeitsarbeit veröffentlicht.







Aber auf was ist hier in Bezug auf Minderjährige zu achten?

Um diese Frage zu klären, haben wir für euch einen Beitrag zur Wissensreihe „EBERhard erklärt“ gezaubert. Dafür haben wir uns unter anderem an den Vorlagen der Deutsche Jugendfeuerwehr orientiert.





Schéi Vakanz ☺

**Mir probéieren alleguerten Är Wënsch mat anzebannen ☺!**
**Well Dir eis Newsletter’en bestellen oder ofbestellen, da sot eis Bescheed.**


nicolas.grisius@cgdis.lu // Gsm: 661 231068